

Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet...

(Interruption)

Här Jaerling?



4. Ordre du jour

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Här President, gëschter ass de Wonsch hei ausgedréckt ginn, dass d'Regierung soll Stellung huelen zu där Motioun iwwert d'Fotografen.

Ech wëll wëssen, ob d'Regierung dann hei Stellung hält - virdrun, ier mer déi Motioun ofstëmmen - oder net a wéini dass mer déi Motioun ofstëmmen.



5. 6008 - Projet de loi portant

1. transposition en droit luxembourgeois en matière d'infrastructures de transport de la directive 97/11/CE du Conseil du 3 mars 1997 modifiant la directive 85/337/CEE concernant l'évaluation des incidences de certains projets publics et privés sur l'environnement

2. modification de la loi du 22 mai 2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement

3. modification de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles (suite)

» M. le Président.- Här Jaerling, wann Der dem President eng Chance gitt, ech wollt just zu deenen Theme kommen.

Ech wollt elo emol proposéieren, dass mer fir d'éischt géifen ofstëmmen iwwert de Projet de loi 6008, den Impakt vun den Infrastrukturen op d'Natur.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Ee Moment nach bis d'Elektronik souwäit ass. Voilà. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6008 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen bei 6 Abstentionen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

M. Jean Huss (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.



6. Motion de M. Félix Braz relative à la lutte contre le changement climatique et à la coopération (suite)

Mir kommen dann zum Vote iwwert d'Motioun vum honorabelen Här Braz iwwert d'Lutte géint de Changement climatique an d'Kooperatioun; eng Motioun, déi gëschter diskutéiert ginn ass.

(Interruption)

Jo, also bei Motiounen: D'Chamber ass souverän fir Motiounen ofzestëmmen oder net, ob mir eng Stellungnahm vun der Regierung hunn oder net. Mir hunn déi Motioun gëschter diskutéiert. Mir stëmmen elo driwwer of.

Vote

De Vote fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen bei 21 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.



7. Motion de M. Aly Jaerling relative aux photos d'identité biométriques (suite)

Dann hu mer d'Motioun vum honorabelen Här Jaerling iwwert d'Photos d'identité biométriques. Do war gëschter gefrot ginn,

ob d'Regierung nach géif Stellung huelen. Et ass mer signaléiert ginn, den zoustännege Minister, den Här Ausseminister Asselborn, ass am Ausland.

» Plusieurs voix.- Oh!

» M. le Président.- Deement-sprechend, mir hu jo d'Motioun diskutéiert, géif ech da proposéieren...

D'Madame Flesch huet d'Wuert gefrot.

(Brouhaha général)

» Mme Colette Flesch (DP).- Här President, mir hu bestëmmt alleguerte Verständnis derfir, wann den Ausseminister am Ausland ass, dass en net kann hei sinn. Nach besteet d'Regierung och nach aus anere Ministeren. D'Regierung misst kënnen zu där Fro, déi e puer Ministère concèrniert, net nëmmen den Ausseminister, mä dee vum Intérieur an dee vun der Fonction publique, zu där Affär Stellung huelen. An alle Parlamenter...

» M. le Président.- Ech géif bieden, emol der Madame Flesch nozelauschteren.

» Mme Colette Flesch (DP).- Här President, an alle Parlamenter vun der Welt, wann den zoustännege Minister net kann do sinn, da gëtt en ersat duerch e Kolleeg, dee vun him gebrieft ginn ass an dee fir hie ka Stellung huelen. Duerfir gëtt et zum Beispill an deene meeschte Regierungen Secrétaires d'État aux relations avec le parlement oder Ministres aux relations. Déi kënnen an déi sollen un de Sitzunge vun der Chamber deelhuelen an do de Point de vue vun der Regierung zum Ausdrock bréngen.

Wéi gesot, mat allem Verständnis, dass den Här Asselborn net kann hei sinn: Ee Member vun der Regierung misst awer kënnen am Numm vun der Regierung zu där doter Problematik Stellung huelen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Deement-sprechend froen ech, Madame Flesch, d'Regierung, déi vertrueden ass duerch zwee Ministeren, ob ee wëllt hei fir den Här Asselborn Stellung huelen.

(Brouhaha général)

» M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Här President, also...

» M. le Président.- Wann ech gelift.

» M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Här President, ech kann net hei am Numm vum Här Asselborn schwätzen, wann e mer net den Optrag ginn huet, fir dat ze maachen, mä ech wouss och net, datt déi Motioun géif elo diskutéiert ginn. Ech mengen, et ass de Mëtteg um drai Auer eng Réunioun am Ausseministère mat den zoustännege Leit, mat de Pressefotografen, mat de Fotografen.

Duerfir denken ech, datt eventuell no där Réunioun vläicht e Vertrieder vun dem Ausseminister heihinnerkënn, fir da kënnen dozou Stellung ze bezéien. Dir wëllt natierlech ofstëmmen; ech weess net am Viraus, wat an där Réunioun do erauskomm ass, mä ech mengen, den Här Asselborn huet scho ganz kloer seng Positioun hei erkläert.

(Interruptions diverses)

» Une voix.- Hei ni!

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, et war gëschter, wann ech mech richtig erënneren, gesot ginn, dass mer géifen déi Réunioun am Ausseministère ofwaarden, fir ze gesinn, wat als Resultat dann aus där Entrevue erauskomm ass.

Wann et de Wonsch vun der Chamber ass, da stëmmen mer déi Motioun um Enn vun der Sitzung of. Vlächicht hu mer bis dohinner iergendwellech Nouvelen.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Da maache mer dat esou.

Dann hu mer nach d'Motioun, déi den honorabelen Här Bettel gëschter erabruecht hat. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.



8. Motion de M. Xavier Bettel relative à la cessation de tout activisme électoral au sein des établissements scolaires pendant la campagne électorale

» M. Xavier Bettel (DP), auteur.- Si ass nach net ausgedeelt ginn, Här President.

(Hilarité et interruptions)

» M. le Président.- Si ass ausgedeelt, Här Bettel.

» M. Xavier Bettel (DP), auteur.- Et huet kee se kritt.

» M. Norbert Hauptert (CSV).- Dir waart net ëmmer hei, Här Bettel!

» M. Xavier Bettel (DP), auteur.- Ech war gëschter hei, Här Hauptert...

» M. le Président.- Also, Här Bettel, wann Är eege Fraktiounskolleege soen, si hätte se kritt, da ginn ech dervun aus, datt dat, wat d'Verwaltung mer seet, stëmmt. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

» M. Xavier Bettel (DP), auteur.- Här President, ech wollt lech just soen, ech sinn zimlech iwwerrascht gewiescht, an ech mengen, déi Jonk Gréng hunn dat och an engem Communiqué gemaach, iwwert d'Manéier, wéi den Här Biltgen elo duerch d'Schoule pilgert, fir do entre autres, an ech zitieren d'„Wort“, iwwert de 5611 Explikatiounen ze ginn.

Wéi de 5611 gestëmmt ginn ass, hat kee vun der Regierung Zäit fir mat deene Jonk ze diskutieren.

» Plusieurs voix.- Oh! Oh!

(Brouhaha général)

» M. Xavier Bettel (DP), auteur.- Duerfir hate mer déi jonk Leit op der Strooss.

Haut - an et ass zoufällegerweis, Här President, kuerz virun de Wahlen - fënnt den Här Biltgen Zäit fir mat deene jonke Leit iwwert de 5611 schwätzen ze goen. A wann ech liesen, Här President: „Arbeitsminister François Biltgen wird für weitere Diskussionsrunden mit Schülern am 14. Mai im Lycée classique in Diekirch und im Lycée technique in Ettelbrück, am 19. Mai im Mamer Lycée, am 20. Mai in der Saint-Georges International School und am 2. Juli in der International School Luxembourg zu Gast sein.“

Wéi ass dat, dass e Minister esou kuerz virun de Wahlen nach duerch Lycéeeë geet, fir ze erklären, wéi seng Politik ass?

» Une voix.- Dat ass einfach Mëssbrauch!

» M. Xavier Bettel (DP), auteur.- A virun allem, Här President, firwat hält dat da virum 7. Juni just op? Firwat mécht en da keng nom 7. Juni - den 9., 10.?

Ech fannen dës Manéier net korrekt. D'Politik soll sech aus de Schoulen halen. De Minister hätt Zäit gehat, fir dat op anere Plazen ze organiséieren, wéi mat de Schoulen duerchzegoen. Déi Organisatioun hat e selwer gefrot, fir kënnen duerch d'Schoulen ze goen. Dat war décken Zirkus a vun der Ministesch refuséiert ginn. Elo hu se duerch d'CGJL d'Méiglechkeet kritt, en Débat contradictoire ze maache mat all de Parteien.

Et geet net hei, dass déi stäerkste Partei aus dem Land sech an d'Lycéeën invitéiert an do unilatéralement hir Politik verdeedegt. Dat mécht een net, an duerfir géif ech d'Chamber invitéieren, dës Motioun ze stëmmen an ze froen, fir dass d'Regierungsmemberen net méi an de Lycéeën intervenéieren, elo bis no de Wahlen, well dëst ass net korrekt vis-à-vis vum Wieler a vis-à-vis vun dëser Chamber.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien! Très bien!

» M. le Président.- Den honorabelen Här Hauptert huet d'Wuert gefrot.

» Une voix.- Et gëtt Zäit, dass dat do ophéiert. Sauerei!

» Une autre voix.- Op dem Steierzueler seng Käschten!

(Interruptions)

Discussion générale

» M. Norbert Hauptert (CSV).- Här President, ech wollt am Fong geholl zu där Motioun hei Stellung huelen, fir ze évi-téieren, datt d'Chamber sech an der leschter Sitzung vun dëser Legislatur och nach lächerlech mécht.

Ech wollt mech erklären: Den Här Bettel huet jo den Här Biltgen hei ernimmt, den Här Biltgen, deen zënter zwee Joer mat engem wichtege Gesetz - dat heescht, d'Gesetz iwwert d'Beschäftigungs-moossenamen - an déi Schoulen, déi en invitéieren, geet, fir deene Jugendlechen déi Moossenamen ze erklären. Et ass also...